



N°1996
Entrée le 28.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Den Office national de l'enfance (ONE) schafft mat privaten Organisatiounen am Beräich vun dem Kanner- a Jugendschutz zesummen, fir Projeten an Hëllefsmoossnahmen ëmzesetzen. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°820 informéiert de Minister, dass den ONE am Zäitraum 2019-2023 insgesamt 651.920.372€ u seng extern Prestataire ausbezuelet huet. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°988 weist de Minister an engem Tableau, dass den ONE am Zäitraum 2019-2023 ronn 495 Milliounen (3/4 vun den Ausgaben) un 10 gréissere Organisatiounen verginn huet.

Et ass wichteg, dass all Euro, deen an de Jugendschutz investéiert gëtt, och do ukënnt, wou e gebraucht gëtt, soudass, wéi de Minister et schreift:

"all Kand, all Jugendlechen an all Famill, déi Hëllef brauch, eng beschtméiglech Ënnerstëtzung bei engem Prestataire aus dem Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef kritt, onofhängeg dovun, ob et sech ëm psychologesch Berodung, ambulante Moossnamen, sozialpedagogesch Betreuung oder den Accueil an enger Fleegefamill handelt."

Mir gouf vu verschiddene Persounen zougedroen, dass verschidde vun dësen Organisatiounen Servicer facturéieren, déi se nie prestéiert hunn.

Op d'Fro, wéi Rechnunge kontrolléiert ginn, hat de Minister folgend Informatiounen geliwwert.

"Den zoustännegen Service ass de Service Finances vun der Direction générale de l'aide à l'enfance et à la famille (DG AEF) vum MENJE. Dëse Service besteet aus 13 Posten. [...] Et bestinn intern Prozeduren beim ONE a bei der DG AEF, déi virgesinn, datt all d'Rechnungen vun den externen Prestataire op hir Richtigkeit, hir Konformitéit zu de Kontrakter an de Konventiounen kontrolléiert ginn."

An deem Zesammenhang wëilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi sollen d'Persounen (Whistleblower) virgoen a bei wem kënne si sech vertraulech mellen, wa si d'Informatioun hunn, dass eng Prestatioun vum engem externen Prestataire falsch facturéiert gouf?



www.piraten.lu

2. Wéi oft huet den zoustännege Service beim ONE zënter 2019 festgestallt, dass eng Rechnung net richtig oder konform war?
3. Gouf den zoustännege Service beim ONE an der Vergangeneheet schonns vu Whistlebloweren kontaktéiert a wéi ginn esou Informatiounen no den interne Prozeduren beim ONE behandelt a suivéiert?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten





Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1996 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

Ad 1)

All Persoun kann zu all Moment de Service Réclamations vun der Direction générale de l'aide à l'enfance et à la famille (DG AEF) vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) kontaktéieren, fir dem Service Opfällgkeete bei enger Prestatioun matzedeelen. Dës Informatiounen, déi och anonym kënnen erageschéckt ginn, gi vertraulech traitéiert.

E sougenannte Whistleblower kann, wann e mengt, datt nationaalt oder internationaalt Recht, wat an de Kompetenzberäich vum MENJE fält, net respektéiert gouf, sech un den Délégué au signalement vum MENJE wenden, entweder iwwer eng E-Mail (signalement@men.lu) oder iwwer Courrier (*double pli fermé* mat der Mentioun „confidentiel“).

Ad 2)

Den zoustännege Service huet an der Vergaangenheet just punktuell Feeler konnte feststellen, déi op eng falsch Saisie zeréckzeféiere waren an déi no Concertatioun mam Gestionnaire behuwe konnte ginn. Dës Feeler hu jiddwerfalls d'Konformitéit vun der Rechnung an hirer Integralitéit net a Fro gestallt.

Et sief drun erënnert, datt de Gestionnaire responsabel ass, all Hëllefsmoosnamen, déi vun engem Riichter ordonéiert goufen, oder, déi zesumme mat den Elteren oder dem Jonken en place gesat a vum Office national de l'enfance (ONE) akkordéiert goufen, ze prestéieren an transparent ze facturéieren.

Ad 3)

D'Direktioun vum ONE gouf an der Vergaangenheet iwwert en anonymme Bréif informéiert, datt bei engem Gestionnaire aus dem AEF-Beräich d'Wuelbefanne vun de Kanner an enger Struktur net garantéiert wier. De Ministère huet doropshin déi viséiert Struktur kontrolléiert an op der Plaz iwwerpréift ob d'Konditioune vum Agreement agehale goufen.

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH